24e séance

Jeudi 20 décembre 2001

Présidence
M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Communication
2. Motion de M. Jean Huss concernant les relations entre Israël et la Palestine
3. Projet de loi 4870 portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières *(Rapport de la Commission juridique – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
4. Allocution de fin d'année

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Communication

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

Gëschter, den 19. Dezember, huet d'Erzéiungsministesch de

- *Projet de loi 4892 relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un ensemble immobilier dans le cadre de l'extension du Lycée classique de Diekirch*

déposéiert.

Ier mer zum Projet vum Habilitatiounsgesetz kommen, géife mer eis nach fir d'éischt d'Motioun virhuelen, déi den Här Jean Huss abruecht huet. Mir hate jo uganks der Woch bestëmmt, dass mer haut nach iwwert déi Motioun befannen, diskutéieren an ofstëmmen, déi en abruecht huet am Zesummenhang mam Problem vun Israel a Palästina.

D'Wuert huet den Här Huss

2. Motion de M. Jean Huss concernant les relations entre Israël et la Palestine

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no eise Wuelstandsrieden zum Budget an zu de Steieren an ier mer hannenno an déi méi feierlech Chrëschtdagsriede verfalen, wollt ech awer hei nach hiweisen op eng Problematik, vun där ech ausginn, dass eis Chamber awer och eng Stellungnahm huele misst.

Ech hat dofir de leschten Dënschdeg e Changement de l'ordre du jour verlaangt. Ech hat deemools gesot, dass mer an dëse leschten zwee Méint zu Afghanistan Stellung geholl haten an dass mer och zu der europäescher Politik Stellung geholl hunn. Ech mengen, wann een d'Evènementer virun allem aus de leschte sechs Woche kuckt a wat op der südlecher Flank vun Europa, dat heescht am Mëttelmierraum tëschent Israel a Palästina geschitt, da mengen ech, dass et net esou si kann, dass mer zu där Problematik net Stellung huelen.

Dat ass de Sënn dovun, dass mer eng Motioun abruecht hunn, eng Motioun, vun där ech bei der Presentation, wéi ech de Changement de l'ordre du jour verlaangt hunn, scho gesot hunn, datt ech se ganz modéréiert formuléiert fannen. Si misst praktesch esou oder an enger vläicht liicht ofgeännerter Form ugeholl kënne ginn. Obschonn et sech ëm e Problem handelt, dee jo wierklech kee modéréierten ass, wann ee gesäit, wat an deene leschte sechs Wochen do tëschent Israel a Palästina geschitt ass.

Déi wahnsinnig Terrorattentater, déi Selbstmordattentater, déi do op där enger Säit geschitt sinn, an op där anerer Säit, déi Reaktioun mat Panzere vum Stat Israel mat senger Arméi, déi massiv do amarschéiert ass, an och carrément ganz geziilt Leit erschéisse gelooss huet oder erschoss huet, markéieren eng Eskalatioun, déi sech – lo nach an deene leschte véier, fënnef Deeg a bis gëschter – ëmmer méi zouspëtzt. Et kann eis net egal sinn, wat do ofleeft. Dat, wat do geschitt, ass net wäit vun eis ewech, et ass am Süde vun der Europäescher Unioun. Wann do e regionale Krich entstoe géif, da géif de Risiko bestoen, dass mer alleguerten dovu betraff wieren, an dass en net op déi Regioun, dee klengen Eck do, limitéiert bleiwe géif. Dat muss verhënnert ginn.

Als Gréng hu mir allgemeng, an alle Konflikter, ëmmer erëm versicht ze soen, dass et dat Wichtegst wier, Konflikter ze vermeiden an anzegräifen ier d'Situatioun zu engem definitive Krich eskaléiert. An deem Sënn hu mer déi Motioun hei gemaach, déi am Fong e puer Considéranten huet an dräi Wënsch, déi mer un d'Regierung hunn.